

Rapport RefCom 03.09.2019:

Präsent: Frieseisen, Geib, Keiffer F., Weinzierl, Frieden, Courtois, Nesser

Entschëllegt : Pascalicchio, Weber, Simonelli

1. Ufangswieder vum President (f) :

De President (f) begréisst Memberen a wënscht der Refcom eng schéin Saison ouni vill Problemer.

2. Rapport RefCom vum 12.06.2019 :

De Rapport vun der leschter RefCom ass ugeholl

3. Veräinsvertrieder an der RefCom :

D'RefCom ënnerstëtzt eestëmmege Demande vum Roland Courtois fir als Veräinsvertrieder an der RefCom aktiv ze ginn a freet den CA de Roland als Member vun der RefCom ze bestätegen. RefCom freet sech op konstruktiven Input vum Roland.

4. Stage Arbitter 2019 :

Samschdes den 31.08 hunn ronn 40 Arbitter vun alle Niveauen um Stage deelgeholl. Sonndes waren et der ronn 35. Eng schéin an interessant Formatioun iwwert verschidden Themaen (Reegel an Spillverständnëss) mam Felix Rätz (IHF/EHF Lektor)

5. Laf a Reegeltester :

4 Arbitter hunn sech dëst Joer net manifestéiert a ginn net méi agesat.

Fir déi Arbitter déi nach Problemer mat de Reegelfroen hunn, gëtt eng extra Formatioun ugebueden.

Fir AXA-League Hären sinn 7 Koppelen zréckbehale ginn.

Fir AXA-League Damen kommen nach 8 Koppelen dobäi plus 2 Koppelen déi am Noutfall kënnen nonominéiert ginn.

6. Rapporten :

Um Site sinn nei Rapporte fir d'Arbitter. Rapporte (rout/blo/...) sinn an Zukunft un rapport@flh.lu ze schécken.

Eng nei Fiche technique ass an der Maach an ass fir all Kategorie ze gebrauchen falls eppes net an der Rei ass. Am Fall wou alles OK ass, brauch keng Fiche technique méi ausgefëllt ze gin

7. Email Adressen :

Rapporten – rapport@flh.lu

Ureegungen an Reklamatiounen iwwert den Arbitrage – refcom@flh.lu

Dispositioun, Signalétique an Ufroen iwwert Nominatiounen – arbitre@flh.lu

Rechnung AXA-League – fact.arbitres@flh.lu

SBO net fortgeschéckt – sbo@flh.lu

8. SBO – Spielbericht online :

Dës Saison gëtt an alle Kategorien ab U13 een elektronesche Bou (SBO) gemaach.

Coure fir Klibb ginn am Moment gehalen.

D'Arbitter sinn zoustänneg den SBO nom Match ze "verschécken". Sollt dëst net méiglech sinn – z.B. keen Internet, muss den Heemklub dat maachen. D'Arbitter mussen an dem Fall eng Mail un sbo@flh.lu, an eng Fiche technique un rapport@flh.lu mat enger entsprechender Remark schécken.

Weider Informatiounen sinn un d'Arbitter verschéckt ginn.

9. Journée de l'arbitrage :

Den 5.10.2019 ass déi nächst "journée de l'arbitrage". Detailler sinn awer nach net bekannt.

10. Referees' Performance Report :

Klibb an d'Arbitter (AXA-League an Coupe de Luxembourg Lotterie National) sinn drun erënnert, dass och fir dës Saison de Referees' Performance Report MUSS ausgefëllt a bannen 48 Stonnen un arbitre@flh.lu geschéckt ginn. Et sief drop higewisen dass Strofe virgesi sinn, sollt dat net klappen.

11. Tenue Arbitter an Delegué:

RefCom well all eis Arbitter an Delegué nach eng Kéier drop hiweisen, dass bei de Matcher an alle Kategorien – Waarmmaachen inklusive - just déi offiziell Tenue vun eise Sponsoren dierf ugedoe ginn. Heizou gehéieren och Strëmp. Déi aal Uniforme sinn nët méi erlaabt.

12. Demande vum HC Berchem – (12.06.19) :

Den CA huet an senger Sitzung vum 22.06.2019 den Avis vun der RefCom gefrot wat Delai de Remise de Match ugeet.

D'RefCom ass der Meenung dass bis H-U17/D-U18 inclus een Delai vun 5 Deeg (12h00) kann ausprobéiert ginn.

Bei all deenen anere Kategorien soll den Delai no Artikel 44 vun de Statuten agehale ginn.

13. Jeunes Arbitres

Ee Cours fir « jeunes arbitres » mat hiren Tuteurs ass Samschdes den 21. September 2019 vun 09h00 – 12h00 um INS.

14. Cours fir nei Arbitter :

Bis elo sinn 8 Kandidate fir een C-Cours ugemellt. De Cours ass vum 25.-27.10.2019 um INS.
Déi ugemellte Kandidate kréien Detailer nach geschéckt.

15. Arbittertausch :

Den Austausch mam Rheinland an Saarland leeft. 9 Matcher si festgeluecht ginn, déi däitsch
Arbitter bis Enn Dezember zu Lëtzebuerg päiffen.

Mam Wiener Handball Verband laafen och nees Gespréicher iwert e weideren Austausch fir
dëss Saison.

16. Sekretaire – Chronometreur

Och dëss Saison gin nees Coure fir Chrono/Sekr. organiséiert. Datumer gi matgedeelt soubal
se feststinn.

Nächst RefCom den 15. Oktober 2019 um 18h15 zu Stroossen